DEMOKRATESCH PARTEI

Ettelbréck-Waarken

# WALPROGRAMM FIR D'GEMENGEWALEN 2023 – NO BEI DIR

## I. D'ZESUMMELIEWEN AN DE GEMENGE STÄERKEN

### Jugend, Bildung, Kannerbetreiung a Schoul

**Kanner- a Jugendrot.** D'Zukunft gehéiert eiser Jugend. Dofir schafe mir e Kanner- an e Jugendrot, an deem déi kommend Generatiounen hir Iddien a Fuerderungen fir eng liewenswäert Stad, an där och op hir Besoine Récksiicht geholl gëtt, elo schonn un déi politesch Responsabel weiderginn.

**Eng Ënnerstëtzung fir fläisseg an engagéiert Schüler.** Schüler, déi duerch ee besonneche Projet oder duerch gutt Leeschtungen opfalen, sollen duerch eng finanziell Bourse belount ginn.

**D'Ëffnungszäiten an de Betreiungsstrukture méi flexibel gestalten.** Mir wëllen, datt déi kommunal Betreiungsstrukture flexibel a laang Ëffnungszäiten ubidden, fir besonnesch den Eltere mat onreegelméissegen Aarbechtszäiten a fir den elengerzéienden Elteren entgéint ze kommen. D'Strukture sollen och an de Vakanzen opbleiwen.

**Nei Schoule mussen de praktesche Besoine vun de Gemengen no geplangt ginn.** De Bau vun engem neie Schoulkomplex muss de Besoine vun der Gemeng an dem Wuel vun de Kanner ugepasst sinn. Dofir setze mir eis dofir an, datt d'Pläng fir de Bau vun der neier Schoul zu Waarken nach eng Kéier iwwerschafft ginn an eng Schwemm mat gebaut gëtt. Laang Weeër an aner Schwemmen an Nopeschgemenge kënnen sou evitéiert ginn an déi gewonnen Zäit kann an d'Schwamme léieren investéiert ginn, dat net nëmme wichteg ass fir d'Beweegung vun de Kanner, mee ënner Ëmstänn och ka liewenswichteg sinn.
Ausserhalb vun de Schoulzäite sollen déi lokal Veräiner e gewësse Fräiraum um Terrain vun der Schoul kréien. De Schoulcampus kann sech esou zum attraktiven a liewegen Zentrum vu Waarken entwéckelen.

## Alter a Soziales

**Benevolat géint den Isolement am Alter.** Eeler Leit géife gären hir Liewenserfarung mat anere Mënschen deelen. De Benevolat, z.B. am intergenerationelle Beräich – Liesstonne mat oder Hausaufgabenhëllef fir Kanner – ass déi ideal Preventioun géint eng méiglech Isolatioun am Alter, hält fit an hëlleft den eelere Leit sech nëtzlech an der Gesellschaft anzebréngen. Ëmgekéiert kënnen och Jonker hiert Wëssen, zum Beispill am digitale Beräich – Installatioun vun Applikatiounen um Handy, sécher am Internet surfen oder digital Demarche maachen - mat eelere Leit deelen an esou fir ee flotten Austausch tëscht de Generatioune suergen.

## Een attraktiivt Gesellschaftsliewen

**Eng lieweg Akafsstrooss**. Mir wëllen Dëscher a Bänken, Planzen a Beem, duerch déi ganz Akafsstrooss an op den ëffentleche Plazen. Hei sollen d'Leit sech kënne begéinen, déi eeler Matbierger kënne raschten an Elteren sech mat hire Kanner kënnen néiersetzen. Eng lieweg a gaaschtfrëndlech Akafsstrooss,déi d'Leit unzitt, ass och gutt fir eis Geschäftsleit.

**Flott Plaze fir Hënn.** Mir wëllen eng Plaz am Fräien, déi speziell fir eis Hënn reservéiert ass, mat engem Zonk ronderëm, mat engem Waasserbuer a mat Wues. Hei kënnen d'Hënn sech ouni Lénkt sécher beweegen, ouni vum Stroossentrafic bedreet ze ginn.

## Sport a Kultur

Villfälteg Sports- a Kulturoffere beliewen d'Gemeng a sinn e feste Bestanddeel vum gesellschaftleche Liewen.

**Eng grouss Offer fir Sport a Beweegung.** Mir suergen dofir, datt d'Clibb an och all Sportbegeeschterte Bierger ouni Lizenz an engem Veräi vun enger moderner Infrastruktur profitéiere kann. Fräizäitinstallatiounen op fir jiddereen zougängleche Plaze suerge fir Beweegung an der frëscher Loft an de Kontakt mat anere Bierger.

**Haaptberuffleche Sportskoordinator.** Mir engagéieren een haaptberuffleche Sportskoordinator, deen dobäi hëlleft d'Zesummenaarbecht tëschent de verschiddenen Acteuren (Schoul, Kanner, Elteren, Schoulsport a Sportsveräiner) ze organiséieren an ze verbesseren.

**Déi nei Bibliothéik notze fir d'Kulturoffer ze stäerken.** D'Kultur verbënnt d'Mënschen, si animéiert zu Diskussiounen an zu engem Echange. Déi zentral Lag vun der Bibliothéik muss genotzt gi, fir sou och sozial méi schwaache Bierger Zougang zur kultureller Offer a Manifestatiounen einfach an onkomplizéiert ze maachen.

## Zesummeliewen a Gläichstellung

Fir datt eng Gesellschaft gutt funktionéiert, respektvoll an tolerant matenaner ëmgeet, mussen d'Leit d'Méiglechkeet hunn sech kennenzeléieren an aktiv matzemaache bei der Gestaltung vum Zesummeliewen an hirer Gemeng. Dozou gehéiert ee Veräinsliewen dat gutt organiséiert ass eng Gemeng, déi d'gesellschaftlech Participatioun vun alle Bierger fërdert, an de Kader fir dësen Engagement bitt. De Benevolat soll gefërdert a valoriséiert ginn.

**Pakt vum Zesummeliewen.** Mir setzen eis dofir an, datt d'Gemeng de Pakt vum Zesummeliewen ënnerschreift, mat deem mir eis dofir engagéieren, mat konkrete Projeten, déi d'Bierger mat ausschaffen, dat interkulturellt Zesummeliewen ze stäerken an deenen déi nei an d'Gemeng wunne kommen et méi einfach maachen hir Plaz an eiser Gemeng ze fannen. Mat der Ënnerschrëft vum Pakt vum Zesummeliewe kënne mir op een Integratiounsberoder zréckgräifen, deen eis an der praktescher Ëmsetzung vum Pakt ënnerstëtzt.

**Gemengekommissioune valoriséieren**. Mir wëllen de consultative Gemengekommissiounen hir Expertise méi geziilt notzen an si zweemol am Joer fir en Echange an de Gemengerot invitéieren.

**Café an Epicerie zu Waarken** a Kooperatioun mat engem Veräin / enger Genossenschaft. Eng Epicerie, verbonne mat engem Café ass eng ideal Plaz, wou d'Leit kënnen hir Kommissioune maachen a sech anengems och kënne begéinen, kenneléieren an austauschen. Duerch d'Gerance vun engem Veräin oder enger Genossenschaft ginn de sozialen Zesummenhalt an d'Zesummeliewe gefërdert.

**Tiers-lieu, Repair-Café a Noperschafts-App.** Mir wëllen eng Plaz schafen, fir d'Zesummeliewen an den Echange tëscht de Leit ze förderen. Nieft ëffentleche Plazen dobaussen, wou een ee conviviale Moment ka verbréngen, schafe mir eng Plaz, wou een sech och ënnerdaach ka begéinen a wou een zesumme kann u klenge Reparature schaffen. A Kombinatioun mat enger Noperschafts-App kënnen esou een Tiers-lieu an e Repair-Café d'Zesummeliewen an der Gemeng stäerken a fërderen. Nei Bierger fannen esou méi séier Uschloss a Leit, déi eleng wunnen, si manner isoléiert.

**Sproochen-Café.** Eng Sprooch nei léieren, nees opfrëschen oder aneren hëllefe beim Léiere vun enger Sprooch. Mir wëllen an der Gemeng an/oder mat de Nordstadgemengen d'Sproochen-Caféë fërdere fir esou och déi praktesch Uwendung vun der geléierter Sprooch am Alldag ze fërderen, déi et erlaabt anengems nei Kulturen a nei Leit kennenzeléieren.

**Barrièrefräiheet.** Eis Gemeng huet all d'Viraussetzunge fir eng liewenswäert Stad ze sinn, an där jiddereen um ëffentleche Liewen deelhuele kann. Dofir mussen all ëffentlech Plazen einfach a séier accessibel sinn. Dozou gehéieren och d'Trottoiren, d'Agäng an d'Geschäfter an den Accès zum ëffentlechen Transport – egal ob e Schantjen do ass oder net. Mir setzen eis dofir an, datt dat neit Gesetz fir de fräien Accès vum ëffentleche Beräich fir Mënsche mat

enger Behënnerung sou séier wéi méiglech ëmgesat gëtt, fir datt Mënsche mat Behënnerungen, eeler Persounen, Leit mat enger Kannerkutsch oder och mat temporären Aschränkungen sech onofhängeg beweegen an esou e fräit Liewe féiere kënnen.

## Propper a sécher Gemengen

D'Gemeng ass mat responsabel fir d'Sécherheet a fir de Schutz vum Bierger. S'Sécherheet – och an zemol déi gefillte Sécherheet – gehéiert zu de wichtegste Piliere vun der Liewensqualitéit. Sécherheet schaaft een net eleng duerch méi eng héich Policepresenz, ma duerch e ganze Pak u Mesuren.

**Dezentraliséiert Ulafstellen.** Sozial Infrastrukture sinn d'Basis vun der Präventioun. Mir wëllen ugepassten an dezentraliséiert Ulafstelle schafen, fir datt sech keng kriminell Schwéierpunkte bilden.
**Méi Streetworker.** An de leschte Joren huet sech d'Aarbecht vun de Streetworker bezuelt gemaach, fir Leit a Nout geziilt ze hëllefen. Net nëmmen d'Zuel vun de Streetworker, ma och hir Mëttel sollen erhéicht ginn.

**Preventioun an de Jugendhaiser weider verstäerken.** Jugendhaiser bidden net nëmme sënnvoll Aktivitéiten un, ma och eng gesellschaftlech Jugend- a Preventiounsaarbecht an de Beräicher Schoul, Drogen, Kriminalitéit, physesch a mental Gewalt, Sexualitéit, Mobbing asw.

**Beliichtung am ëffentleche Raum.** Déi ëffentlech Beliichtung ass net eleng do fir d'Verkéierssécherheet, ma si spillt och eng weesentlech Roll beim perséinleche Wuelbefannen a bei der allgemenger Sécherheet. Mir setzen eis fir e vernetzt an energieeffizient Beliichtungskonzept an, dat d'Verkéierssécherheet a d'Sécherheetsgefill verbessert, ouni dobäi d'Liichtverschmotzung ze erhéijen.

**Dat kommunaalt Policereglement an d'Sécherheetskonzept upassen.** Et ass wichteg, fir dat kommunaalt Policereglement an d'Sécherheetskonzept reegelméisseg ze préiwen an eventuell unzepassen. Am Dialog mat de Bierger (Biergerversammlungen) sollen d'Konzepter kontinuéierlech ugepasst ginn.

**Kommunal Police.** Mir wëllen eis dofir asetze fir erëm eng kommunal Police anzeféieren. Sou ka méi Policepresenz um lokale Plang assuréiert ginn.

**Eng propper Gemeng.** Mir wäerte Sensibiliséierungscampagnen an der Gemeng maachen, fir d'Bierger iwwer *best practices* fir e gutt Zesummeliewen z'informéieren.

# II. ENG ZUKUNFTSORIENTEIERT GEMENGENINFRASTRUKTUR

## Mobilitéit

**Verkéierssécherheet.** Mir setzen op den Ausbau vun Tempo 30-Zonen op alle Gemengestroossen, an Tempo 20-Zone bei Schoulen. Schëlter eleng ginn net duer. Fir dëst Zil ëmzesetze brauch et Dialogtafelen (*Sie fahren 44 km/h*), Schwellen an Inselen an de Stroossen.

**Beliichtung vun de Foussgängerweeër.** Zemol am Wanter spillt d'Beliichtung eng wichteg Roll bei der Verkéierssécherheet. Mir wëlle garantéieren, datt z.B. alleguerten d'Weeër, wou d'Foussgänger d'Prioritéit hunn, genuch beliicht sinn an d'Foussgänger gutt ze gesi sinn.

**Sécher Schoulweeër.** Egal ob zu Fouss, mam Vëlo oder mat der Trottinette: mir wëllen, datt de Schoulwee fir all d'Schüler machbar a sécher ass. Dozou gehéiere breet, iwwersiichtlech a gutt beliichte Fouss- a Vëlosweeër, e Schoulbus op Féiss (Pedibus), respektiv mam Vëlo, a reegelméisseg Opklärungscampagnen.

**Sécher Fouss- a Vëlosweeër.** Mir wëlle sécher, duerchgoend an exklusiv kommunal Vëlosweeër, déi souwuel vun de Stroosse wéi och vun de Foussgängerweeër getrennt sinn. Esou solle wichteg Plaze mam Vëlo accessibel sinn an d'Connectioune mat den Uertschafte ronderëm a mat den nationale Vëlospiste garantéiert sinn. Nëmmen sou kann de Vëlo och wierklech als Alternativ zum Auto gesi ginn.

**Vëlosboxen a Vëlosparkplazen.** Zur Fërderung vun der aktiver Mobilitéit gehéieren och nei Vëlosboxen a Vëlosparkplazen am ëffentleche Raum an a Schaff- a Wunngebidder. Grad ewéi d'Installatioun vun engem sougenannte Vëlosatelier / *Bikestation*. An Zesummenaarbecht mat de Nordstadgemenge wëlle mir e Locatiounssystem fir Vëloen a fir Cargo-Vëloen aféieren.

**Smart Parking**. Mir wëlle Parkautomaten asetzen, mat deenen ee just fir déi Zäit bezilt déi een och op der Parkplaz steet. Dat evitéiert och, datt ee muss zréck bei den Auto goe fir en neien Ticket ze huele, wann eng Kommissioun oder en Dokteschrendez-Vous méi laang dauere wéi geplangt. Mir wëllen och d'Offer vum gratis Kuerzzäitpark-System ausbauen.

## Wunnen

Bei der Lutte géint d'Wunnengskris dréit déi ëffentlech Hand eng besonnesch Responsabilitéit, och an de Gemengen. Mir wëllen der steigender Nofro no bezuelbarem Wunnraum mat enger méi séierer Mobiliséierung a Fërderung vun alternative Wunnformen entgéint kommen,. Mir ënnerstëtzen och d'Zesummenaarbecht vun ëffentlechen a private Bauträger. Dobäi wäerte mir och déi ökologesch Aspekter méi staark berécksiichtegen.

**Bezuelbare Wunnraum schafen.** Mir wëllen de soziale Wunnengsbau ausbauen. De geschaafte Wunnraum an d'Terrainen an ëffentlecher Hand sollen an éischter Linn jonke Familljen a Stéit iwwert de Wee vun Ierfpacht oder Locatioun zegutt kommen.

**Proaktiv Terraine kafen.** Fir d'Offer un accessibele Wunnengen an der Gemeng z'erhéijen, wäerte mir proaktiv Leit a Betriber uschwätzen, déi hir Terrainen net bebauen. Mam Zil, fir déi Terrainen ze kafen oder awer fir se fir eng Zäit ze pachten, fir Modularbauten drop ze setzen.

**Alternatiivt a flexibelt wunnen.** Mir wëlle fërderen, datt eng zweet Famill an en Eefamilljenhaus wunne goe kann. Och dat stäerkt de matenaner vun de Kulturen a Generatiounen a géing d'Lutte géint de Wunnengsmanktem fërderen.
Mir wäerten d'Baureglementer an de Gemengen upassen, fir alternativ Wunnformen, ewéi Wunngemeinschaften oder de Bau vun *Tiny houses* z'erméiglechen.

**Jugendwunnengen.** Mir wëlle méi Wunnenge fir jonk Leit schafen, déi sech keng Wunneng um normaler Marché leeschte kënnen. Kleng miwweléiert Studioe fir en accessibele Präis sollen deene Jonken hire Wee an e selbststännegt Liewe méi einfach maachen.

**Nei Bauprojete séier realiséieren.** Laang Prozedure si mat d'Haaptursaach, firwat de Wunnengsbau hei am Land nëmme lues virukënnt. Mir wäerten alles op Gemengenniveau ënnerhuelen, fir déi Prozedure maximal z'acceleréieren, fir déi d'Gemenge verantwortlech sinn.

# III. ENG NOHALTEG GEMENG

## Energie a Klima

Mir wëllen de Klimaschutz op lokalem Niveau konsequent stäerken. De Bierger soll och duerch Sensibiliséierungscampagnen an duerch geziilten Hëllefe fir klimafrëndlech Mesure méi staark agebonnen an ënnerstëtzt ginn.

**Greening vun der Gemeng.** Eng adaptéiert Beplanzung hëlleft besonnesch am Summer fir d'Temperaturen am ëffentleche Raum ze reduzéieren an esou d'Liewensqualitéit vun de Bierger ze verbesseren. Mir wäerten – do wou et méiglech ass – hëllefen, fir Gebaier an Diecher ze beplanzen.

**Drénkwaasserspender.** Mir wäerten op ëffentleche Plazen, wéi z.B. an der Akafsstrooss an op Spillplazen, fräi accessibel Drénkwaasserspender opstellen.

**Parrainage fir ëffentlech Gréngflächen an Infrastrukturen.** Mir wëllen ëffentlech Gréngflächen an Infrastruktur fir Patenschaften opmaachen. Engersäits sollen d'Bierger, Schoulen oder Betriber d'Méiglechkeet kréien, fir sech éierenamtlech ëm d'Beplanzung an d'Fleeg vu Gemeinschaftsgäert, Blummebeeter, Planzebacken, asw. Ze bekëmmeren.

Anerersäits sollen z.B. Betriber kënne Parrainage vun Infrastrukturen (ë.a. Waasserspender, Bänken an Dëscher, asw.) iwwerhuelen.

**Ausbau vu klimaneutraler Stroumversuergung.** D'DP wëll d'Méiglechkeete fir d'Produktioun vun erneierbaren Energien an der Gemeng voll ausnotzen. All ëffentlech Gebaier (Gemeng, Schoul, Sportshal, asw.) sollen esou séier ewéi méiglech mat lokal produzéiertem Stroum versuergt ginn. Mir wäerten dofir d'Installatioun an d'Notzung vu Photovoltaik-Anlagen op den Diech vu Gemengegebaier konsequent ausbauen. D'Iwwerproduktioun kéint eventuell verkaf an an d'Stroumnetz agespeist ginn.

**D'Mobilitéit vun der Gemengeverwaltung méi nohalteg gestalten.** Mir wäerten de Wiessel op eng klimafrëndlech Mobilitéit vun der Gemengeverwaltung acceleréieren an de ganze Fuerpark op eng CO2-neutral Mobilitéit ëmstellen.

**Méi Luucht, manner Energie.** D'Stroossebeliichtung mécht e substantiellen Deel vun eisem Stroumverbrauch aus. Mir wëllen all Gemengebeliichtung op déi energieeffizient LED-Technologie ëmstellen a wa méiglech mat engem Dimmer a mat Beweegungssensoren equipéieren, ouni dobäi d'Sécherheet an d'Sécherheetsgefill vun de Bierger ze beanträchtegen.

**Nohalteg Manifestatiounen.** Mir wäerte sécherstellen, datt all Manifestatiounen an der Gemeng Nohaltegkeetskrittären entspriechen an den Ufuerderunge vum *Label Green event* vun der Superdreckskëscht entspriechen. D'Gemeng wäert déi lokal Veräiner dobäi begleeden an ënnerstëtzen.

**Antigaspi-Gemengen.** Een Drëttel vun de Liewensmëttel op der Welt gëtt ewechgehäit, wärend vill Leit op der Welt Honger leiden an et Enkpäss bei der Versuergung mat Weess gëtt. Niewent eiser ethescher Verflichtung, fir sech deem Problem unzehuelen, dierf dobäi och net déi ökologesch Dimensioun vum Problem vergiess ginn. D'DP wäert dofir suergen, datt d'Gemengen d'Bierger iwwert d'Campagne *antigaspi.lu* zu deem Thema sensibiliséieren. Weider fërdert d'DP d'Zesummenaarbecht vun de Gemenge mat den Acteure vum Foodsharing.

**Planzen amplaz Gravier.** Déi wäit verbreete Schottergäert sinn eng ökologesch bedenklech Entwécklung. Mir wäerten dofir Mesure schafen, déi d'Leit dozou animéieren, fir ëmweltfrëndlech Gäert unzeleeën a fir bestoend Schottergäert zeréckzebauen.

# IV. E LIEWENSWÄERT A MODERNT LIEWEN AN DER GEMENG

## Digital, biergerno an transparent Gemengen

Mir wäerte voll vum Potenzial vun der Digitaliséierung profitéieren an de Fortschrëtt an den Déngscht vun de Bierger stellen.

**Optimal Aarbechtskonditioune fir d'Gemengepersonal fir en optimale Service um Bierger.** Mir wëllen d'Servicer vun der Gemeng sou opstellen, datt si hiren Tâche fir d'Bierger adequat an zouverlässeg nokomme kënnen. Fir de sëllegen Aufgabe gerecht ze ginn, investéiere mir an d'Professionaliséierung an an d'Weiderbildung vum ganze Personal.

**Smart Gemengen.** Mir wëllen d'Iddi vun der Smart City ausbauen a vum Potenzial vun der vernetzter Stad voll ausschöpfen – ouni Kompromësser beim Dateschutz anzegoen. All Gemeng soll dofir e Schäffen hunn, dee fir de Beräich Digitaliséierung responsabel ass.

**Gratis surfen.** Mir wäerten de Bierger an den Touristen op staark frequentéierte Plazen Accès zu engem gratis a stabelen Internet ubidden. Dat verbessert d'Attraktivitéit vun eisem Stadzentrum.

**Liicht verständlech a méisproocheg Kommunikatioun.** Mir wäerten eis dofir asetzen, fir d'Sproochebarrièren hei an der Gemeng z'iwwerwannen an d'Kommunikatioun mat de Bierger esou einfach a verständlech ewéi méiglech ze halen. Dozou gehéiert och d'Disponibilitéit vun enger liicht accessibeler a méisproocheger Internetsäit vun der Gemeng. D'Kommunikatioun soll och der demographescher Realitéit an der Gemeng entspriechen.

**Diversifikatioun an der Kommunikatioun weiderentwéckelen.** Mir setzen eis a fir eng modern, digital, inklusiv, interaktiv an zilorientéiert Kommunikatioun. Jiddereen, dee sech informéiere wëll, muss och méiglechst séier Accès zu all den Neiegkeeten hunn. Mir wëllen all Kommunikatiounsforme fërderen (SMS2Citizen, Newsletter, Gemengebuet, sozial Medien, Homepage, Gemengen- a Noperschaftsapp) an un déi digital Ufuerderungen adaptéieren.

**E-Verwaltung ausbauen.** Mir wäerten déi digital Administratioun weider a méi séier ausbauen an iwwerall méiglech maachen. Doriwwer eraus soll all Zort vun net-perséinlechen, administrativen Dokumenter a vu politeschen Decisioune kënnen op der Internetsäit vun der Gemeng ofgeruff ginn.

**Walbedeelegung vun den auslännesche Matbierger bei de Gemengewale stäerken.** Mir wäerten den auslänneschen Awunner bei hirer Umeldung op der Gemeng direkt offréieren, fir sech an d'Gemengen- an an d'Europawalléschten (fir EU-Bierger) anzeschreiwen a si iwwert déi domadder verbonne Rechter a Flichten informéieren.

**Biergerparticipatioun ausbauen.** Mir wëllen d'Biergerbedeelegung weider fërderen an domadder déi participativ Demokratie stäerken. An deem Sënn sollen d'Bierger nei Projete virschloen an doriwwer mat de Gemengeresponsabelen diskutéiere kënnen. All Awunner kënnen an hirem Numm, als Kollektiv oder als Veräin e Projet areechen, dee graff gesot, zur Verschéinerung an zur Verbesserung vum Liewen an de Gemenge bäidroe soll.

**Digitale Rattrapage.** Vill Leit hu Problemer mat den neien Technologien. Fir datt si net den Uschloss verléieren, wëlle mir – eventuell an Zesummenaarbecht mat engem Veräin – Coursen ubidden, fir déi Leit fit ze maache fir déi digital Welt.

## Betriber

Eis Betriber sinn de Réckhalt vun eiser Gemeng an droen zum groussen Deel zur Attraktivitéit an zur Beliewung vun eiser Stad bäi. Dofir verdéngen den Erhalt an d'Implantatioun vun Entreprisen a Geschäfter déi ganz Opmierksamkeet vun der Gemengepolitik.

**Erhalt vum Eenzelhandel.** Mir setzen eis dofir an, datt de Wee zu essentiellen Akeef a Servicer fir de Bierger esou kuerz wéi méiglech bleift. Dofir setze mir eis weider fir den Erhalt vum Eenzelhandel an.

**Startup-Entreprisen ënnerstëtzen.** Startup-Firmen hunn et net einfach, fir sech anzwousch z'etabléieren. Dacks feelt et hinnen um néidege Kapital an un der Plaz. D'Nordstad – an domat och Ettelbréck – ass en idealen an attraktive Standuert fir innovativ a fortschrëttlech Servicer unzebidden. Dofir wëlle mir jonken an innovative Startuppen a lokalen Handwierksbetriber en Deel vun de kommunalen Aktivitéitszonen a Büroe gënschteg zur Verfügung stellen.

***Coworking spaces* ausbauen.** *Coworking spaces* gëllen als Plaze mat engem héije Potenzial un Innovatioun a ginn als Alternativ zum Homeoffice oder zur klassescher Aarbechtsplaz ëmmer méi wichteg. Besonnesch well een esou de Pendlertrafic ka reduzéieren. Mir wëllen d'Potenzial vun dëser neier Form vum Zesummeschaffen ausnotzen an ausbauen.